

# AWEIUNG VUM SERVICE JUGENDWUNNEN

Mat der Grënnung vun der Nordstadjugend a.s.b.l am Joer 2007, gouf de Grondsteen geluecht fir eng regional Jugendarbecht an der Nordstad. Puer Joer duerno schlësse sech Feelen, Beefort an Mäerzeg deenen aneren 6 Nordstadgemengen Dikrich, Ettelbréck, Ierpeldéng, Colmar-Bierg, Schieren a Bettenduerf un. D'Nordstadjugend zielt am Joer 2015 insgesamt 9 Gemengen, déi zesumme Jugendarbecht leeschten.

Eng vun de Prioritéiten, déi bei Nordstadjugend erkannt gouf, ass déi vun der Wunnengsnout bei jonke Leit. Dëse Problem ass schonn des längere bekannt; am Alldag vun deenen 2 Nordstadjugendhaiser Dikrich an Ettelbréck ass dës Problematik desöfteren opgetaucht. Lescht Joer, 2014, sollt sech dunn d'Méiglechkeet erginn, dass een an där Problematik aktiv gëtt

Mat Wunnengen zu Ettelbréck, déi ursprénglech vum Lycée Technique pour Professions de Santé, genotzt goufen, wor op eemol d'Méiglechkeet do e Service fir de Logement vu Jonker op d'Been ze stellen.

No Aarbechtsreuniounen mat Ministär respektiv Bâtiments Publics wor relativ séier kloer, dass dee Service kéint Realitéit ginn. An och di Responsabel vun den „Nordstadjugend-Gemengen“ an de Verwaltungsrot vun der a.s.b.l. wore vun der Noutwendegkeet vu sou engem Service iwerzeegt. An deene kommende Méint goufen all néideg Preparatioune an d'Weeër geleet an e pädagogesch Konzept fir autonomt „Jugendwunnen“ gouf ausgeschafft.

De 17. März 2015 sinn dunn d'Inscriptiounen lancéiert ginn. An den éischten knappen 2 Méint sinn net manner wéi 27 Demanden agaangen. Deen éischte Jonken ass den 1. Abrëll a seng Wunneng agezunn.

Insgesamt stinn 8 Wunnengen mat 14 Plazen zur Verfügung; Einzelzëmmer mat Dusch, Duebelzëmmer mat Dusch an Duebelzëmmer mat Dusch a Kitchenette. Donieft steet eng Gemeinschaftskichen, eng Gemeinschaftsstuff an eng Buanderie zur Verfügung.

Vu dass et sech em en autonomt „Jugendwunnen“ handelt, ass et kloer dass di Jonk e gewëssent Mooss un Autonomie musse mat sech bréngen. Dobäi kënt dass si an enger geregelter Struktur mussen sinn; dat ka vu Schoul bis zu engem Bénévolat goen oder awer dee Jonke muss bereed sin bannen deenen éischten 3 Méint eng „Beschäftegung“ ze fannen. Ënnerschriwwe gëtt en Beherbergungskontrakt, e Perspektiveplang, dee festleet wat an där Zäit beim „Jugendwunnen“ soll erreecht ginn, an eng Hausuerdnung. De Service a senger Form kann awer nëmme duerch eng ganz enk Collaboratioun tëscht alle concernéierte Servicer (SPOS, Office Social, Centre de Médiation,...) assuréiert ginn.

Momentan huet een Educateur Gradué eng hallef Tâche fir sech em dee Service ze këmmern. Seng Aufgaben spigelen sech op 3 verschiddenen Niveau'en rëm; hien ass éischt Kontaktpersoun vun de Bewunner, ass de Gérant vun de Wunnengen an ass responsabel fir d'Gemeinschaftsliewen am „Jugendwunnen“.

Mam Service „Jugendwunnen“ bidd d'Nordstadjugend e weidere wichtegen Service un, fir op d'Besoin'en vun deene Jonken aus der Region anzegoen.

Méi Informatiounen kritt een um Site [nordstadjugend.lu](http://nordstadjugend.lu)